Léif Frënn,

Ass et net esou, dass déi läscht Méint vun enger Partie vun « Explosioune » marquéiert waren : Explosioun op der Uelegplattform Deep Water Horizon, Explosioun nom Tsunami am Atomreakter zu Fukushima, Explosioun vun de Pollen a Bléien an der Natur, Explosioun vun der Finanz-Loftschlässer a Griechenland, Irland a Portugal, Explosioun vun der Onzefriddenheet iwwert diktatoresch Regimer a Nordafrika, Explosioun vun de Liewensmëttelpräisser a verschiddenen Entwécklungslänner,…an ech kinnt esou virufueren.

No enger Explosioun, egal vu watfir enger Zort, ass eppes net méi d'selwicht wéi virdrun. D'Explosioun zu Fukushima acceleréiert den Ausstieg aus der Atomenergie an enger Partie Länner. Déi politesch Lag an Tunesien an Egypten ass elo eng aner wéi virun der Révolte. D'Geldpolitik an den iwwerschëllte Länner wäert mussen eng aner ginn wéi virun dem Zesummebroch vun hiere Budgeten.

Explosiounen bedäiten dacks en onerwaarten a brutalen Aschnëtt an d'Zoustänn, wéi si bis dohinner virherrschend waren.

De Mathias Grünewald, de Moler, deen duerch den Isenheimer Altor am Musée Unterlinden zu Colmar am Elsass berühmt ginn ass, stellt d'Opersteung vum Jesus duermat dem Bildmotiv vun enger Explosioun. Den iwwerdimensionalen a schwéiere Grafsteen, e richtege Fielsblock, deen den doudege Jesus sollt ënner Verschloss halen, fiert eweg a schéngt ze schwiewen, d'Zaldoten, déi d'Graf bewaacht hunn, ginn wéi vun enger mächteger Drockwell ëmgehäit a weg geschleidert.

Den Evangelist Matthäus schwätzt a senger Ouschtererzielung vun engem Aerdbiewen, also engem Naturphänomen, wou och näischt méi opsenger gewinnter Plaz bleift. Mee komescherweis ass dëst Biewen keen Ausléiser vu Panik a Verzweiflung. Eng Engelsstëmm berouegt d'Fraen, déi bei d'Graf komm waren: Fäert net! Dats selwecht seet den Operstanenen méi spéit nach emol: Fäert net! An um Bild vum Isenheimer Altor ass hien duergestallt als deen, deen sech souverän a friddvolli wwert dem Graf erhieft.

Dem Mathäus an dem Grünewald, dem Evangelist an dem Künstler, geet et net ëm eng reportagenhaft Duerstellung vum Operstoë vu Christus, mä ëm eng Ausso am Glawen mat dem Mëttel vumWuert bzw. vun der Konscht.

Si wollte soën, dass d'Operstoën vu Christus aus dem Dout alles sprengt, wat d'Menschheet bis dohinner als dat Gewinntent ugeholl huet. Zwar goufen et och virdrun Virstellungen no engem Liewen nom Dout a awer net an der Radikalitéit an der Zouspëtzung wéi d'Chrëschten et vun elo un verkënnegen.

Den Dout ass a senger Endgültgkeet gebrach duerch d'Operstoën vum Herrgott sengem Jong. D'Liewen nom Dout ass keng reliéis Spekulatioun, keng philosophesch Iddi, keng ideologesch Vertréischtung, mä eng Realitéit duerch dat tatsächlecht Operstoën vum Gottmensch Jesus Christus. A senger Persoun ass den Dout opgebrach zu engem neie Liewen, dat nëmmen den Herrgott a senger Léift schenkt.

Den Dout bleift nëmmen Dout fir deen, deen net gleeft. Fir deen, deen u Christus gleeft, ass hien iwwerwonnen. Näischt ass méi wéi virdrunn. Et gëtt keen zréck méi an d'Sënnlosegkeet vum Stierwen. Et gëtt just nach een novir: an d'Häerz vu Gott. Den Dout ass een Iwwergank an d'éiwegt Liewen.

Am Operstoën vu Christus gëtt d'Sprengkraaft vun der göttlecher Léift däitlech, déi alles ënnert sech begrueft, wat d'Liewen behënnert, schwéier mécht a verstellt: Sënd an Dout.Dës Explosioun ass eng Befreiung zum Liewen.

Chers amis,

La foi en la vie éternelle n'est pas quelque chose d'anodin, elle signifie prendre la vie au sérieux et la vivre jusqu'au bout. La vie éternelle nous oblige à goûter pleinement cette vie, avec ses joies, ses responsabilités mais également ses peines.

Notre vie n'est pas une roue qui tourne sans fin mais une flèche qui a une direction.

Dans la foi, notre vie vaut la peine d'être vécue, à chaque instant qu'il nous est donné de vivre.

Nous sommes des êtres capables de Dieu, des êtres capables de résurrection, des êtres qui se réjouissent pleinement de la vie terrestre car nous avons en nous cette conviction que quelque chose d'ici se poursuivra dans l'au-delà.

Mais ça, c'est d'abord une question de choix. A chacune et chacun de décider si ce qui s'est passé il y a tant d'années est bien vrai, si ce qui va au-delà d'une certaine historicité comporte bien le don de Dieu. Dieu, lui en nous offrant aujourd'hui encore son tombeau vide, nous laisse la liberté de choisir. C'est par l'exercice de notre liberté que nous devenons des êtres résurrectionnels.

En cette nuit de Pâques, notre communauté a la joie d'accueillir le choix d'une catéchumène. Madame Edna Sofia Da Cruz recevra le baptême qui l'unit à Jésus mort et ressuscité. En effet, par le baptême nous sommes plongés dans la mort du Christ pour ressusciter avec lui. Notre vie, en union avec le Christ, n'est pas vouée au gouffre de la mort, elle est sauvée dans la gloire de Dieu. Laissons exploser notre joie. Alleluia. Amen.